ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Mee 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Am Joer 2022 ass d'Stad Esch, zesumme mat den 10 anere Gemengen aus dem ProSud (Monnerech, Käerjeng, Déifferdeng, Diddeleng, Keel, Rëmeleng, Péiteng, Beetebuerg, Suessem, Schëffleng) an 8 Gemengen aus dem franséische Grenzgebitt (Réideng, Til, Weller, Däitsch-Oth, Bettschden, Réisseng, Armet, Ëtteng), den Organisateur vun Esch2022 – europäesch Kulturhaaptstad.

Et handelt sech hei ëm e Projet an enger Regioun, där hir typesch historesch original Sprooch d'Lëtzebuergescht ass, esouwuel op Lëtzebuerger Säit, ewéi och zu engem groussen Deel op franséischer Säit. D'Lëtzebuerger Sprooch ass och an dëser Regioun e wäertvollt kulturellt Gutt. Grad op franséischer Säit ass dëst awer zënter Joerzéngten um Verschwannen.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Kulturminister gär folgend Froe stellen:

1. Ass geplangt d'Internetsäit, d'Säiten an de soziale Medien an allgemeng d'Kommunikatioun am Kader vun Esch2022 och op Lëtzebuergesch ze maachen? Zu wéi engen Deeler? Wann nee, firwat gëtt sech an der Kommunikatioun deelweis géint d'Lëtzebuerger Sprooch entscheet?
2. Ass d'Madamm Minister der Meenung, datt d'Lëtzebuerger Sprooch grad en zousätzleche Punkt un Originalitéit an Eegenaart fir dës Regioun bedeit, an e Mierkmol vu Verbindung tëscht de lëtzebuergeschen a franséische Gemenge bedeit?
3. Ass am Kader vum Kulturjoer 2022 och e Projet geplangt fir d'Lëtzebuerger Sprooch oder am Zesummenhang mat der Lëtzebuerger Sprooch?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten